

GRONDSAZ-DÉCLARATION VUN DER BRILL



D'Associatioun BRILL (British Immigrants Living in Luxembourg – Britesch Immigranten zu Lëtzebuerg) gouf an d'Liewe geruff, fir an dësen Zäite vun Onsécherheet nom Resultat vum EU-Referendum vum 23. Juni 2016 a Groussbritannien déi britesch Communautéit, déi zu Lëtzebuerg leeft an/oder schafft, z'ënnerstëtzen.

D'Associatioun BRILL ass onparteesch a mat kenger politescher Partei liiert, weder a Groussbritannien nach zu Lëtzebuerg.

D'Membere vun der Associatioun BRILL sinn der Meenung, datt den Interesse vum Vereenegte Kinnekräich a vun der Europäescher Unioun am beschten domat gedéngt wier, datt dat Land weiderhi Member vun der Europäescher Unioun bleift an deemno déi beschte Léisung beim BREXIT de Verzicht op e BREXIT wier.

Sollt dat net méiglech sinn, da si mir der Meenung, datt eng definitiv BREXIT-Léisung sou "mëll" wéi nëmme méiglech sollt sinn an dofir d'Memberschaft am Bannemaart an déi fräi Zirkulatioun vun den EU-Bierger sollte bäibehale ginn. Besonnesch sollten am Fall vun enger BREXIT-Léisung all déi Rechter voll a ganz respektéiert ginn, déi britesche Staatsbierger, déi zu Lëtzebuerg oder an engem anere Memberstaat vun der EU liewen, zougewuess sinn, siefen dat Rechter am Kader vum Wunnsätz, der Occupatioun, der Beweegungsfräiheet, de Pensiounen, der Gesondheet oder all aner Rechter.

Weider si mir der Meenung, datt déi vergläichbar Rechter vun net briteschen EU-Bierger, déi am Vereenegte Kinnekräich liewen, grad esou sollte protégéiert ginn.

Mir fuerderen d'Regierung vu Lëtzebuerg op, bei allen Négociatiounen am Kader vum BREXIT e konstruktive Rôle ze spillen. Dobäi sollt si absäns garantéieren, datt déi genannte Rechter vu britesche Staatsbierger, déi zu Lëtzebuerg liewen, voll a ganz protégéiert ginn an domat e Beispill fir aner Memberstaate setzen.

Mir soen dem Land Lëtzebuerg Merci fir déi Opportunitéiten, déi et der britescher Communautéit bis ewell gebueden huet, a fir déi Ënnerstëtzung, déi et eis ginn huet a sécherlech och nach weider wäert ginn.